# 7es Week-End zu Clairefontaine




**Donneschdeg, de 18. Dezember a Freideg, de 19. Dezember 2014**

Chrëschtdag steet erëm séier virun der Dier. Du denks u Käerzen, Stären, Engelen, Kadoë kafen a Familljefeier! Jo… A wéi wier et, wanns du dir mëtten an all dem Stress emol Zäit géifs huelen fir richteg iwwert Chrëschtdag nozedenken an dech drop ze preparéieren? Dann invitéiere mir dech op de sougenannten « **7es-Week-End** ».

An enger **flotter Ambiance** erliewe mer 2 Deeg mat Gespréicher an Diskussiounen, kreativen Elementer a flotten Aktivitéiten, Spiller a Lidder, Momenter vu Stëllt a Rou… Dëse Week-End gouf virbereet vun enger **Equipe Erwuessener a Schülerinnen vun den ieweschte Klassen**. Mir verspriechen **2 Deeg voll Freed a Spaass**.

Mir fuere mam Bus op Clairefontaine.
**De Rendez-vous ass um 8h00 op der Place de Paris, Donneschdeg, de 18. Dezember 2014**.
Mir sinn zréck an der Stad op der Place de Paris, e Freideg, de 19. Dezember 2014, um **16h15**.

De Präis vum Week-End ass **35 €** (Bus an Onkäschte fir Bastelmaterial mat abegraff). Wann dat fir eng Schülerin sollt ze deier sinn, brauch si et nëmmen bei hirem Reliounsprofesser ze soen.

Dir braucht e **Schlofsak**, är perséinlech Saachen, waarm Kleeder, fest Schong, Pabeier fir ze schreiwen, Faarwen, Schéier, Pritt, eng Täscheluucht an **schwaarz gemittlech Leggings**.

Fir de Week-End kënne besser virzebereeden, wiere mir frou, wann dir äis dësen Talon géift **bis freides, den 28. November 2014** am Sekretariat **bei der Madame Schaus** ofginn, an enger Envelopp, mam Numm drop a mat de Suen dran.

Mir freeën äis op iech!
J.-L. Pauly, M. Krämer, R. Weickmans an d'Monitricen

---

Ech ______________________ ______________________ _________
Numm Virnumm Klass

Adresse : ____________________________________________________________

Melle mech u fir de 7es-Week-End zu Clairefontaine, vum 18.12.2014 bis de 19.12.2014

Mir, Elteren/Tuteur(s), erlaben eisem Meedche matzegoen.

_________________________________ _____________________________
Ënnerschrëft vun den Elteren / Tuteur(s) Ënnerschrëft vun der Schülerin